N°3758
Entrée le 14.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes an vum Här Aarbechtsminister, Marc Spautz op d'parlamentaresch Fro n° 3758 vum 12. März 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet " Rétroactivité des certificats de maladie dans le secteur communal".**

**1. Wéi gëtt déi uewe beschriwwe Situatioun beim Staat a bei de Gemenge behandelt?**

Bei där beschriwwener Situatioun, wou et ëm eng Verlängerung vun engem Krankeschäi geet, applizéiert sech beim Staat den Artikel 28-3, Alinea 4, vum Staatsbeamtestatut, dee Follgendes virgesäit: „*En cas de prolongation de l'incapacité de travail au-delà de la durée prévue par le certificat médical, le fonctionnaire est tenu d'informer son chef d'administration de la prolongation de son congé pour raisons de santé le premier jour ouvré de la prolongation et fournir un nouveau certificat médical au plus tard le jour ouvré suivant l'expiration du certificat médical précédent.*"

Wann en Agent oder eng Agentin also e Krankeschäin vu Méindes bis Mëttwochs huet, muss d'Verwaltung deen neie Krankeschäin spéitstens Donneschdes kréien.

D'ëmgeännert Congésreglement fir d'Gemengebeamten vum 21. Oktober 1987 schreift vir, datt en Agent, deem säi Krankeschäin ausleeft an deen aus gesondheetleche Grënn nach ëmmer net schaffe kann, muss spéitstens um leschten Dag vun der Gültegkeet vum aktuelle Krankeschäin sengem Employeur matdeelen, datt seng Krankmeldung verlängert gëtt. Duerno muss den Agent sech vun engem Dokter ënnersiche loossen, deen – falls néideg – e weidere Krankeschäin ausstellt.

Am Fall vun enger Verlängerung vun engem Krankeschäin schreift d'Reglement net ausdrécklech vir, datt de neie Krankeschäin eréischt vum Dag vun der Ausstellung u gëllt. Et hält awer kloer fest, datt all Ofwiesenheet op der Aarbecht, déi net duerch e valabele Krankeschäin gedeckt ass, als net entschëllegt Feelen ugesi gëtt.

**2. Gëllt de Krankeschäin fir d'Gemengen- souwéi Staatsbeamten ab der Date de délivrance oder ab deem Datum, wou d'Persoun medezinesch vum Dokter fir aarbechtsonfäheg erklärt gëtt?**

Am Krankheetsfall vun engem Gemengebeamte gëllt den éischte Krankeschäin vun dem Dag u wou en ausgestallt gëtt. Déi Beschränkung gëlt net fir weider Krankeschäiner.

Wa Staatsverwaltunge mat retroaktive Krankeschäiner konfrontéiert ginn, réit de Ministère fir d'Fonction publique sech un d'Positioun vum Collège médical ze halen, deen a senger Publikatioun Info-Point N° 36 vum Mäerz 2024 dat hei schreift:

*„RÉTROACTIVITÉ*

*Il s'agit probablement d'une des questions les plus délicates dans le cadre des bonnes conduites d'établissement de certificats médicaux.*

*Pour le Collège médical et dans la logique des développements ci-dessus, l'idéal serait que le médecin n'atteste que ce qu'il a effectivement constaté le jour de son examen. Autrement dit, toute rétroactivité dans les certificats médicaux devrait être interdite. En effet, certifier de façon objective et vérifiable, un fait survenu ne fut-ce qu'un jour avant l'examen s'avère difficile, souvent impossible. Pour ce faire, le médecin devrait avoir recours à des certificats dixit pour ce que le patient lui rapporte et qui est antérieur à la date de l'examen. Or, nous l'avons vu plus haut, le médecin est tenu à éviter autant que possible d'avoir recours à cette forme de certificat. (...)"*

Et kann och sinn, dass e Krankeschäin den Dag no der Visitt beim Dokter oder der Doktesch ausgestallt gëtt. An deem Fall certifiéiert den Dokter oder d'Doktesch jo dat, wat se konnt feststellen.

**3. Gëtt ee Krankeschäin, deen, wéi am uewe genanntene Beispill, retroaktiv ausgestallt gouf am normalen Aarbechtsrecht als Beweis vun der Absence unerkannt?**

D'Aarbechtsrecht definéiert keng Reegelen iwwert d'Gültegkeet vun de Krankeschäiner, mee et fixéiert d'Prozedur, déi d'Salariéë respektéiere mussen, fir datt se wärend hirer Krankheet géint eng Kënnegung geschützt sinn. D'Fro vun der Unerkennung vu retroaktive Krankeschäiner fält ënnert d'Zoustännegkeet vun der Gesondheetskeess (CNS). Allgemeng kann ee soen, datt, wann de Krankeschäin vun der CNS unerkannt gëtt, d'Absence vum Salarié och justifiéiert ass.

**4. Gëtt ee Krankeschäin, deen, wéi am uewe genanntene Beispill, retroaktiv ausgestallt gouf am Gemengesektor als Beweis vun der Absence unerkannt?**

Ech verweisen op d'Äntwert op déi zweet Fro.

Lëtzebuerg, den 14. Abrëll 2026
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden